# Quo vadis Cours unique ?

**Carte Blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio**

15.07.2015

*D'Regierung Bettel ass virun deck annerhalwem Joer ënnert anerem ugetrueden, fir Stat a Kierchen ze trennen, an notamment de Reliounsunterricht ofzeschafen. Dat hunn di 3 Parteien virun an no de Wahlen vun 2013 grouss rausposaunt. Wou si mer an deem Dossier de Moment drunn?, freet sech de Laurent Schley, President vun AHA Lëtzebuerg, a sénger Carte blanche mam Titel „Quo vadis Cours unique ?".*

Dee wichtegsten Aspekt am Dossier Trennung vu Kierch a Stat ass eendeiteg d'Ofschafe vum Reliounsunterricht an den ëffentleche Schoulen. Heimat soll assuréiert ginn, dass eis Kanner an Zukuft net mi mat realitéitsfréime Ideologien indoktrinéiert ginn. Hei sollten also d'Jalonen fir d'Zukunft gesat ginn. Et muss een awer leider feststellen, dass grad deen Dossier an de leschte Wochen eng bedenklech Tournur geholl huet.

Ugefaangen mam schwäizer Professer, deen den Aarbechtsgrupp leed fir deen neie Cours unique auszeschaffen. E Mann, dee bei der offizieller Presentatioun vum Kadertext eigentlech nëmme vun der Wichtegkeet vun der Relioun geschwat huet, deen d'Philosophie als Leitdisziplin vum neie Cours refuséiert, deen d'Relioun als Nuebel vun der Welt gesäit an dee sech a senger Aarbecht vun zwee Theologen assistéiere léisst. Theologie ass bekanntlech d'Léier vu Gott respektiv vun engem spezifësche reliéise Glawen. Dat ass total onkompatibel mam Konzept vun engem neutrale Cours.

Weidergefuer mat de Beamten am Bildungsministère, wou eng Kéier deen een optrëtt, dann deen aneren, a kee wierklech den Iwwerbléck schengt ze hunn ausser d'Unterseebooter aus dem Bistum, di et an deem allgemenge Chaos scheinbar fäerdeg bréngen, den Dossier Cours unique massiv an d'Längt ze zéien. Annerhalleft Joer goufe gebraucht fir 4 Säite Kadertext ze schreiwen. Et bleiwen lo nach ronn 3 Joer fir de Cours unique a senger Integralitéit auszeschaffen. Am aktuellen Arbechtsrhytmus ass da grad mol den Inhalt fir d'éischt Schouljoer fäerdeg.

Statt d'Rad nei ze erfannen, hätt de Minister sollen den aktuellen Ethikscours respektiv d'Formation morale et sociale iwwerhuelen a liicht un di nei Gegenheeten upassen. D'Basis war do, de Cours war erprouwt an hat sech laang als gudd erwisen. An deem Cours ginn och lo schonn, am Sënn vun enger gudder Allgemengbildung, d'Reliounen als gesellschaftleche Phenomen behandelt, mat hieren Deriven. Allerdengs net aus dem Bléckwenkel vun der

**A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.**
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu

Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

Theologie, mee aus deem vun der Reliounswëssenschaft, wat komplett eppes aaneschtes ass. Theologie an Theologen hunn an engem neutrale Cours unique absolut näischt verluer.

D'Responsabilitéit fir de ganze Schlamassel läit awer beim Bildungsminister, dee suwuel verantwortlech ass fir seng Beamten wi fir d'Astellung vun deem reliounsorientéierte Professer a senger Theologenequipp. Lo kann ee soen, Feheler mecht jidfereen. Vill méi schlëmm ass, dass de Bildungsminister à maintes reprises op di genannte Problemer opmierksam gemaach gouf, mee d'Kritik vun him ofprallt wi vun enger Betonsmauer. De Bildungsminister wier gudd beroden, d'Kritik an d'Warnungen vun de laïzisteschen Organisatiounen endlech eescht ze huelen, well soss riskéiert dee Cours unique, wann en dann iwwerhaapt kennt, an den nächste Joeren zu engem totale Fiasko ze ginn.

*Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l.* (AHA), www.aha.lu

Mitglied *International Humanist and Ethical* Union (IHEU)
Mitglied *European Humanist Federation* (EHF)
Mitglied *Alliance for a Secular Europe*
Mitglied *Cercle de Coopération des Associations laïque*s (CCAL)

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu